- vu l'article 12 alinéa 2 de la loi modifiée du 19 février 1931 concernant l'organisation de la Chambre des Comptes et de la Recette générale aux termes duquel "La mise en disponibilité ou la révocation des titulaires ainsi nommés ne peut avoir lieu que du consentement de la Chambre des Députés",

décide

- de donner son consentement à la révocation de Monsieur Gérard Reuter de ses fonctions de Président de la Chambre des Comptes.

M. le Président.- Domat hätte mer dann dee Punkt ofgeschloss.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, an dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4449, eng international Konventioun iwwer d'Compétence judiciaire.

Et sin agedroen: den Här Klein, d'Mme Durdu an d'Mme Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer. Den Här Santer...

(Interruption)

Den Här Minister Grethen freet nach d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet.

7. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, *Ministre de l'Economie.-* Merci, Här President. Ech sinn autoriséiert duerch de Grand-Duc, fir de

- Projet de loi 4601 portant transposition de la directive 96/92/CE concernant des règles communes pour le marché intérieur de l'électricité et portant modification de la loi du 21 mars 1997 sur les télécommunications et portant modification de la loi du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'énergie

an der Chamber ze deposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister Grethen. E gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Dann huet den Här Patrick Santer elo d'Wuert, fir säi Bericht ze maachen.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, ech wollt just froe fir eis Deputéiert, déi och nach aner Obligatiounen hunn, notamment politescher Aart: Bis wéini hutt Der d'Intentioun ze fueren den Owend?

M. le Président.- Abee, mir sin normalerweis Dënschdes ëmmer bis halwer 7 gefuer. Mir kënnen awer vläicht nach deen een oder anere Projet évacuéieren!

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Majo, ech mengen, mir sollen da roueg bis halwer 7 fueren. Wéini maache mer d'Voten?

M. le Président.- Soulaang wéi genuch Deputéiert heibanne sinn - et sinn der jo genuch do -, kann een direkt ofstëmmen. Wann net, da maache mer dat mar! Dat wëll awer net soen, dass der elo solle fortgoen!

(Hilarité)

Also, Här Santer, Dir hutt d'Wuert.

8. Projet de loi 4449 portant approbation de la Convention, signée à Bruxelles, le 29 novembre 1996, relative à l'adhésion de la République d'Autriche, de la République de Finlande et du Royaume de Suède à la Convention concernant la compétence judiciaire et l'exécution des décisions en matière civile et commerciale, ainsi qu'au Protocole concernant son interprétation par la Cour de Justice, avec les adaptations y apportées par la Convention relative à l'adhésion du Royaume de Danemark, de l'Irlande et du Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord, par la Convention relative à l'adhésion de la République Hellénique et par la Convention relative à l'adhésion du Royaume d'Espagne et de la République du Portugal

Projet de loi 4451 portant approbation de la Convention, signée à Bruxelles, le 29 novembre 1996, relative à l'adhésion de la République d'Autriche, de la République de Finlande et du Royaume de Suède à la Convention sur la loi applicable aux obligations contractuelles, ouverte à la signature à Rome, le 19 juin 1980, ainsi qu'aux premier et deuxième Protocoles concernant son interprétation par la Cour de Justice

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann Der erlaabt, wäert ech de Rapport iwwer déi zwee Projets de loi, de 4449 an de 4451, zesumme maachen. Eischtens geet dat da méi séier an zweetens ass d'Cause vun deenen zwee Projets de loi déi selwecht.

Déi zwee Gesetzesprojeten, déi ech elo gläich wäert virstellen, sinn dozou bestëmmt, technesch Adaptatiounen zu zwou Konventiounen am Droit international privé virzehuelen. Et geet engersäits ëm d'Konventioun vu Bréissel (dat ass de Projet de loi 4449) an anerersäits ëm d'Konventioun vu Roum vun 1980 (dat ass de Projet de loi 4451).

D'Konventioun vu Bréissel vun 1968 dingt dozou, d'international Kompetenze vun nationale Geriichter festzeleeën an d'Exequaturprozedur, d.h. d'Prozedur, déi et erlaabt, national Uerteeler an anere Länner rechtskräfteg ze maachen, ze vereinfachen. D'Dispositioun vun der Konventioun vu Roum vun 1980 erméiglecht d'Festsetze vun deene Gesetzer, déi international Privatverträg regele sollen. All Memberstat vun der Europäescher Unioun ass Partei zu deenen zwou Konventiounen. Dës Konven-

tioune sinn no deene respektive Bäitrëtter vu Memberen erweidert ginn.

Den 1. Januar 1995 sinn dräi nei Länner - Eisträich, Schweden a Finnland - zu der Unioun bäigetratt, an déi dräi Länner hunn den 29. November 1996 zu Bréissel déi zwou Konventiounen ënnerschriwwen. Déi technesch Adaptatiounen, déi dës Ënnerschrëft mat sech bruecht huet, an déi dozou bestëmmt sinn, déi national Geriichter, d.h. déi eisträichesch, schwedesch a finnesch Geriichter, mat an déi Prozedur anzebannen, däerfen awer nët déi dagdeeglech Wichtegkeet vun deene Konventiounen, besonnesch fir d'Rechtssécherheet vun alle Schaffenden an der Europäescher Unioun, vergiesse loossen.

Ech nëtzen dës Geleeënheet, fir am Numm vun der CSV-Fraktioun eisen Accord zu deenen zwee Projete matzedeelen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Klein agedroen.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu deem, wat de Rapporteur gesot huet zu deenen zwee Projets de loi iwwer zwou international Konventiounen ass näischt bäizefügen. Mir hunn déi Rapporen och eestëmmeg an der Commission juridique gestëmmt. En huet seng Aarbecht gutt gemaach, an ech géif zu deenen zwou Konventiounen den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Déi nächst Riednerin as d'Mme Durdu.

Mme Agny Durdu *(DP).-* Här President, ech wéilt och am Numm vu menger Fraktioun dem Här Santer merci soe fir d'Rappore vun deenen zwee Projets de loi, an och meng Fraktioun bréngt hiren Accord zu deenen zwee Gesetzesprojeten.

M. le Président.- Den Här Greisen.

M. Fernand Greisen *(ADR).-* Här President, ech wëll just am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu deenen zwee Projete bréngen.

M. le Président.- Den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRËNG).-* Mir ginn och eis Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Mme Minister Polfer dann.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.-* Ech wollt am Numm vun der Regierung mech deene Remerciementer uschléissen un den Här Santer, a mir kënnen Iech nëmmen un d'Häerz leeën, déi zwee Projeten ze stëmmen.

M. le Président.- Domat wir d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kéimen zur Lecture vun deenen zwee Articles uniques.

Lecture du texte des projets de loi (par M. Jean Spautz)

Mir stëmmen dann nach iwwer déi zwee Projeten of.

Fir d'éischt stëmme mer iwwer de Projet de loi 4449 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4449 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 50 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Laurent Mosar), Lucien Clement (par M. Nicolas Strotz), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Weiler), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Marcel Glesener), MM. Laurent Mosar, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Alphonse Theis (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Paul Helminger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Gusty Graas), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jean Colombera), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch (par M. Camille Gira) et Camille Gira.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4451.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 4451 et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 52 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement (par M. Lucien Weiler), Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady

Jung, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers (par M. Nicolas Strotz), Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Marcel Glesener), MM. Laurent Mosar, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Alphonse Theis (par M. Ady Jung), Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Jean-Marie Halsdorf);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Théo Stendebach), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Claude Meisch), MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Marco Schroell), Marco Schroell, John Schummer (par M. Alexandre Krieps) et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jean Colombera), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch (par M. Camille Gira) et Camille Gira.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 4577 iwwert de Verkaf vun der Residenz vum Ambassadeur zu Köln. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Rippinger a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

9. Projet de loi 4577 autorisant la vente de gré à gré de l'immeuble appartenant à l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg situé à Cologne et servant actuellement de résidence à l'Ambassade du Luxembourg en Allemagne

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Weiler *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet e Projet deposéiert, mat deem se wëllt autoriséiert ginn, fir dat Gebai, dat eist Land zu Köln hat an dat bis elo als Residenz fir den Ambassadeur gedéngt huet, kënnen ze verkafen, nodeems datt jo déi däitsch Autoritéiten décidéiert hunn, fir de Siège vun den däitschen Institutioune vu Bonn op Berlin ze verleeën.

All déi, déi jee d'Éier haten, fir zu Köln invitéiert ze ginn, wëssen, ëm wat fir e schéint Gebai et sech handelt. Et war eng ganz heemlech Residenz, déi den Ambassadeur do hat, an dofir ass et net verwonnerlech, datt och e relativ stolze Präis derbäi erauskënnt. D'Regierung huet eng Expertise maache geloss, fir de Wäert vum Immeubel erauszekréien. Et handelt sech laut der Expertise ëm e Wäert vu 5,3 Millioune Mark.

D'Regierung huet doropshi versicht, fir Amateuren ze fannen. Se huet dat gemaach, wéi iwwregens och déi aner Länner an Däitschland dat gemaach hunn, déi zu Köln hir Ambassadë verkaaft hunn. Déi sinn net iwwer de Wee vun öffentlechen Annoncë gaangen, mä déi Amateuren, déi un esou Projete wéi deem heiten interesséiert sinn, sinn net ganz breet gestreet, an dofir ass et oft méi interessant, fir am klenge Krees ze versichen, en Amateur ze fannen. D'Regierung huet en Amateur fonnt an der Persoun vun engem gewëssenen Här Kahl fir 5,5 Millioune Mark. Dat ass eppes weider wéi dat, wat an der Expertise festgehale ginn ass. Doropshin huet sech nach e weideren Amateur gemellt, nodeems datt de Compromis scho mat deem éischten ënnerschriwwe gi war, an dee mécht dann nach méi eng héich Offerte, nämlech eng vu 5,8 Millioune Mark.

D'Regierung géif natierlech am léifsten zu deem héchste Präis verkafen, well dat am interessantesten ass. Op där anerer Säit huet och den éischten Amateur, mat deem de Compromis ënnerschriwwe ginn ass, sech bereet erkläert, vun deem Compromis zréckzetrieden, mä ënnert enger Konditioun. Notamment sinn him Fräen duerch eng Agence entstanen, an hien hätt déi gäre rembourséiert. Or, dat ass awer net esou evident, fir elo e Wee ze fannen, dass den Amateur vu sengem Compromis zrécksteet, fir datt e Compromis mat deem Amateur vun deem méi héije Präis gemaach gëtt. Mä dass ee versicht, och déi Agencefräen do ze rembourséieren, dat schéngt och juristesch net evident ze sinn, an et ass un der Regierung, fir do ze kucken, e Wee ze fannen.

Ech mengen, mir als Parlament hätten all Intérêt drun - dofir hunn ech dat och an de Rapport geschriwwen -, dass mer d'Regierung froen, se soll toute diligence maachen, fir zu deem allerbeschte Präis ze verkafen -, an dat wären an dësem Fall déi 5,8 Milliounen D-Mark -, och wann do nach eng kleng Prime un déi Agence géif ofgoen. Mir ginn der Regierung eist vollt Vertrauen, dass se mécht, dass mer méiglechst vill hei erausschloen.

Deementspriechend géif ech, obschonns et sech ëm esou eng schéi Residenz handelt, déi ee jo ni gären hiergëtt, dach awer d'Chamber bieden, hei der Regierung den Accord ze ginn, well mir als Stat keng zukünfteg Verwendung fir dat Haus do zu Köln hunn.

M. le Président.- Den éischte Riedner ass den Här Calmes. Den Här Calmes huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Calmes *(DP).*- Ech wollt am Numm vun der Demokratescher Partei den Accord zu deem Projet hei ginn.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech soll hei am Numm vu menger Fraktioun den Accord fir dëse Projet gin. Mir mengen, dass d'Regierung richteg gehan-